Groupe parlementaire

Här Claude Wiseler
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, de 14. Januar 2026

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Finanzminister weiderzeleeden.

Esou wéi et am Artikel "*Gazprombank assigne le ministre des finances*", deen den 28. November am Lëtzebuerger Land publizéiert gouf, heescht, gëtt de Staat aktuell vu Vertrieder vun där genannter russescher Energiefirma op d'Geriicht geholl. Dat, well 2022 verschidde vun hire Verméigenswäerter am Kader vu Sanktiounen agefruer goufen, obwuel dës Sanktiounen just den deemolegen Détenteur betraff hunn. Weider heescht et, datt den Europäesche Geriichtshaff schonn am September 2024 confirméiert huet, datt déi Verméigenswäerter kënnen deblockéiert ginn.

Nieft deem zitéierte Fall gëtt de Staat och scho vum russesch-israeeleschen Entrepreneur Mikhail Fridman virun engem internationale Schiedsgeriicht op Schuedensersaz ugesicht. Schlëmmstefalls riskéiert Lëtzebuerg hei eng Milliardestrof. D'Grondrecht op Eegentum gëtt zu Lëtzebuerg duerch den Artikel 36 vun der Verfassung geschützt. Dës Rechtssécherheet an de Respekt vum Eegentum duerch de Staat stellen ee vun de Gronpiliere fir d'Vertraue vun den nationalen an internationalen Investoren duer. D'Urteeler an all deene Fäll wierken sech deementspriechend och ëmmer op déi eng oder aner Manéier op d'Reputatioun vun der Finanzplaz aus.

An deem Zesummenhang géif ech dem Här Finanzminister gär dës Froe stellen:

1) Wéi bewäert den Här Minister déi am Artikel beschriwwe Virgäng?
2) Wéi begrënnt den Här Minister déi Decisioun, d'Verméigenswäerter weiderhin ze blockéieren, obwuel e Geriicht anescht decidéiert huet an d'Gazprombank kengerlee Sanktiounen ënnerläit?
3) Wéi bewäert den Här Minister d'Auswierkung vun deenen Decisiounen op d'Vetrauen an de Rechtsstaat souwéi d'Reputatioun vun der Finanzplaz?
4) Geet d'Regierung dovun aus, datt de Staat och an dësem Fall ka virun engem internationale Schiedsgeriicht ugesicht ginn? Falls net, wéi begrënnt d'Regierung déi Sécherheet? Falls jo, schafft d'Regierung eventuell op eng Eenegung mat der Géigepartei hin?

Mat déiwem Respekt,

Keup

Fred Keup
Deputéierten

N°3469
Entrée le 12.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère des Finances

**Gemeinsam Äntwert vum Finanzminister, Gilles Roth, a vum Minister fir auswäerteg Ugeleeënheeten an Aussenhandel, Xavier Bettel, op d'parlamentaresch Fro n° 3469 vum 14. Januar 2026 vum éierbaren Deputéierten Fred Keup iwwer de « Gel des titres de Gazprombank »**

1) **Wéi bewäert den Här Minister déi am Artikel beschriwwe Virgäng?**

2) **Wéi begrënnt den Här Minister déi Decisioun, d'Verméigenswäerter weiderhin ze blockéieren, obwuel e Geriicht anescht decidéiert huet an d'Gazprombank kengerlee Sanktiounen ënnerläit?**

3) **Wéi bewäert den Här Minister d'Auswierkung vun deenen Decisiounen op d'Vetrauen an de Rechtsstaat souwéi d'Reputatioun vun der Finanzplaz?**

4) **Geet d'Regierung dovun aus, datt de Staat och an dësem Fall ka virun engem internationale Schiedsgeriicht ugesicht ginn? Falls net, wéi begrënnt d'Regierung déi Sécherheet? Falls jo, schafft d'Regierung eventuell op eng Eenegung mat der Géigepartei hin?**

D'Regierung kommentéiert am allgemenge keng Presseartikelen.

Lëtzebuerg ass ee Rechtsstaat an deem all Persoun d'Méiglechkeet huet ee Recours viru Geriicht ze maachen.

Lëtzebuerg, den 12. Februar 2026
De Finanzminister
(s.) Gilles Roth